N°7696
Entrée le 02.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Eng fleegebedierfteg Persoun kann iwwert d'Assurance dépendance en Aidant informell fir doheem ufroen. Wann eng fleegebedierfteg Persoun den Aidant informell wëll wiesselen, da gëtt dës Persoun vun der Assurance dépendance komplett nei evaluéiert, och wann sech hiren Zoustand an hir Fleegebedierftegkeet net geännert huet. Den Dossier gëtt ganz nei gemaach, d'Persoun muss zum Beispill bei den Dokter goe fir nei Formulairen ze kréien. D'Assurance dépendance soll beim Traitement vun den Dossieren aktuell e Retard vun ongeféier 5 Méint hunn. Den Aidant informel gëtt awer eréischt unerkannt a kann eréischt an d´Pensiounskeess ugemellt ginn, wann déi fleegebedierfteg Persoun nei evaluéiert ginn ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann den Aidant informel réckwierkend an d´Pensiounskeess ugemellt ginn?

2. Wéi laang réckwierkend kann den Aidant informel an d´Pensiounskeess ugemellt ginn?

3. Firwat muss déi fleegebedierfteg Persoun komplett nei evaluéiert ginn, just fir den Aidant informel ze änneren, och wann sech hire gesondheetlechen Zoustand guer net verännert huet?

4. An der Äntwert op d'QP N° 7204 huet de Minister ugekënnegt "dat an noer Zukunft géing gekuckt gi fir d'Aidanten nach besser ze encadréieren an och ze entlaaschten. Zu deem Moment wäerten dann och nach eng Kéier déi eenzel Forfaiten analyséiert an eventuell ugepasst ginn".
   Weess de Minister antëscht, ob d'Forfaite wäerten un déi vill Präishaussen zënter 2018 ugepasst ginn?
   - Wa jo, wéini sollen dës Upassunge kommen?
   - Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten